



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE a vum Här
Inneminister Léon GLODEN zu der parlamentarescher Fro n°1007 vum 15. Juli 2024 vum
honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT iwwer Kandsmësshandlung**

Froen 1 an 2

Effektiv sinn d'Zuele vun de *Classements sans suite* a vun de Renvoien an den Tableauen an der parlamentarescher Fro n°832 bei der Mise en page vertosch ginn, esou dass den Tableau ënnert dem 2. Punkt vun der parlamentarescher Fro n°832 fälschlecherweis d'Zuele vun de Renvoie viru Geriicht opzielt.

Folglech sinn d'Zuelen am Tableau ënnert dem 3. Punkt vun der parlamentarescher Fro n°832 déi richtigeg:

Durée moyenne (en jours) par année de l'évènement Ad Acta ou du réquisitoire renvoi/citation par infraction

	2019	2020	2021	2022	2023
Attentat à la pudeur (article 372 CP)					
Ad Acta					
<i>Durée moyenne par année</i>	322	297	282	304	256
<i>Nb. affaires</i>	43	25	28	33	44
Réquisitoire renvoi ou citation					
<i>Durée moyenne par année</i>	746	960	698	804	910
<i>Nb. affaires</i>	20	14	20	20	14
Coups et blessures (articles 401bis, 398, 399, 409 CP)					
Ad Acta					
<i>Durée moyenne par année</i>	132	163	136	177	168
<i>Nb. affaires</i>	192	210	250	254	340
Réquisitoire renvoi ou citation					
<i>Durée moyenne par année</i>	306	316	523	487	430
<i>Nb. affaires</i>	42	30	35	50	38
Viol (article 375 CP)					
<u>Ad Acta</u>					
<u><i>Durée moyenne par année</i></u>	<u>519</u>	<u>287</u>	<u>412</u>	<u>384</u>	<u>549</u>



<i>Nb. affaires</i>	<u>17</u>	<u>15</u>	<u>14</u>	<u>17</u>	<u>22</u>
Réquisitoire renvoi ou citation					
<i>Durée moyenne par année</i>	949	654	964	796	972
<i>Nb. affaires</i>	14	18	11	6	11

Fro 3

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erlaabt et net, Zuele vu viru méi wéi 5 Joer eraus ze zéien. Deemno ass fir déi verschidden Zuelen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°832 an op déi viregt Punkte vun dëser parlamentarescher Fro verweisen.

D'Grënn fir e Klassement ouni weider Suitte vun engem Viol si ganz ënnerschiddlech an hänke vu Fall zu Fall of, mee déi heefegst sinn déi follgend:

- Et besteet en Zweifel iwwert d'Realitéit vun der Strofdot, bzw. wann net genuch Beweiser virleie fir dass eng Verurteilung kéint gesprach ginn (vun 2019 bis 2023 sinn 20 Affären ouni Suitten aus dësem Motiv klasséiert ginn).
- No der Analyse vum Dossier stellt sech eraus, dass keng Strofdot virläit (vun 2019 bis 2023 sinn 15 Affären ouni Suitten aus dësem Motiv klasséiert ginn).
- D'Poursuite vun der Strofdot sinn net ubruecht, z.B. wann d'Affär besser um Civil weidergeleet géing ginn (vun 2019 bis 2023 sinn 27 Affären aus dësem Motiv klasséiert ginn).

Lëtzebuerg, den 22 August 2024.

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue